ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 24/10/2023

Rapport de la commission de l'agriculture et des chemins ruraux et forestiers

Sëtzung vum 24. Oktober 2023

Präsenzen

Present (Quorum 50% ≥6)	Entschëllegt	Nit oofgemëllt	Observateuren a Experten
Emile SPLICKS (EB)	Raoul KIEFER (DP)		
Nico EICH (EB)	Romain GIRSCH (DG)		
Luc SCHOLTES (EB)			
Luc LESCH (EB)			
Jean-Paul VOSMAN (AZH)			
Paul MAHOWALD (AZH)			
Louis Malherbe (DP)			
Rosie Brandenburger (CSV)			
Sandy WIRTZ (CSV)			

EB = Engagéiert Bierger, AZH = All Zesummen Helperknapp, DG = Déi Gréng

Dagesuerdnung

1. Begréissung a Präsenzlëscht
2. Verdeelung vun den Posten
3. ROI Commission consultatives
4. Zesummenaarbecht als Kommissioun
5. Nächst Sitzung

Punkt 1: Begréissung a Präsenzlëscht

Den Nico EICH war vum Schäffenrot ernimmt ginn fir eng éischt Sëtzung vun der Kommissioun anzeberuffen an huet alleguer d'Memberen begréisst an d'Präsenzlëscht gefouert. An senger Ried ass den Nico och drop agaangen dass mir als konsultativ Kommissioun fonktionnéiren. Minimum muss 1 Sëtzung pro Joër aberuff ginn, no uewen ass keng Limite gesaat et ginn awa maximal 6 Jetonen pro Joër bezuelt.

Punkt 2: Verdeelung vun den Posten

Folgend Posten sinn ze besëtzen:

- Präsident/in
- Vize-Präsident/in
- Sekretär/in

De Luc Lesch haat seng Kandidatur gestallt als Präsident.
De Jean-Paul Vosman haat seng Kandidatur als Vize-Präsident gestallt.
De Luc Scholtes haat seng Kandidatur als Sekretär gestallt.

Déi 3 Posten goufen unanime ugeholl.

Punkt 3: ROI

De virrechten Gemengenrot haat een ROI (Règlement d'ordre interne) fir déi konsultativ Kommissiounen gestëmmt. All neien Kommissiounsmember kruet dësen ROI vun der Gemeng am Virfeld geschéckt an konnt en durchliesen. Et waerten elo nach kleng Ännerungen vum ROI gemaach ginn dass all néi Kommissioun, respektiv Kommissioun déi zesummen gehéit gouf richteg erwähnt ass. Dësen ROI gëtt vum Gemengenrot gestëmmt an uschléissend un d'Kommissiounen verdeelt.

Punkt 3: Zesummenaarbecht als Kommissioun

Et gouf een Tour de table gemaach wéi Jidereen sech kéint eng konstruktiv Zesummenaarbecht als Kommissioun virstellen.

Als éischt Etape soll een Inventaire gemaach ginn vun eisen Feld- a Bëschweeër. Jidereen soll hei seng Iddien wéi een Wee kéint frësch gemaach proaktiv abrengen, unhand vun enger Skala vun 1 bis 4 (1 = gudd, 4 = schlecht) kann een och deen aktuellen Zoustand klassifizéiren. Hei ass et sënnvoll dass mir fir déi nächst Versammlung een 1. Inventaire virléien hunn, demno soll Jidereen seng Weeër bis 7 Deeg virun der nächster Versammlung iwert den E-Mailverdeeler chemins.ruraux@helperknapp.lu vun der Kommissioun matdeelen. De Sekretär këmmert sech dann drëms d'Weeër am Geoportail anzedroën.

Et gouf och matgedeelt dass d'Gemeng een Minibus zur Verfügung stellen kann fir sech eemol zesummen déi Weeër ukucken ze furen déi op eisen Inventaire stoën kommen. Sou eng Visite um Terrain kann och als Sitzung vun der Kommissiouns zréckbehaalen ginn.

Mir hunn eis och nach iwert d'Thema «mobilité douce» ënnerhalen an dass et eng ganz Partie Weeër ginn, déi déi eenzel Dierfer elo schons mateneen verbannen. D'Iddi vun enger neier, nationaler Velospiste déi vun der Stroossenbauverwaltung (Administration des Ponts et Chaussées) gebaut soll ginn an déi eis Gemeng durchlafen waerd ass begréissenswaert, waerd awa sëcher keen Projet sinn deen kuerzfristeg emgesaat kann ginn (Propriétéitsverhältnisser vun den Parzellen déi fir de Bau noutwendeg sinn).

Fir dass sech all Member een Bild maachen kann wéi d'Kommissioun déi läschten Joëren geschafft huet, schéckt den Sekretär mat dësem éischten Rapport och nach eemol d'Rapporten vun den Joëren 2021 bis 2022 zou déi um Internetsite vun der Gemeng Helperknapp publizéiert sinn.

Punkt 4: Nächst Sitzung

Déi nächst Sitzung vun der Kommissioun ass op **Mëttwochs, den 13. Dezember 2023 um 19h00** am Gemengenrotsall festgeluecht. De Sekretär huet de Sall schons reservéiert.